1

# Duurech Nazidäitschland gezwongen.

Den 18. Oktober 1942 wor en Dag vun Trauer, Misär, Leed an Tréinen fir seier vill Famillgen vun Scheffléng, a fir eist ganz Ländchen. Et wor den 18.Oktober 1942 wéi déi éischt Schefflénger Jongen sech op der Schefflénger Gare afond hun, fir de Wee an déi verhaasstenWehrmacht unzetrieden e lauter Bluttjong, trei,brav,gutt Borschten aus den Joergäng 192o bis 1925 et woren iwwer 27o Kadetten aus dem beschtenLiewensalter gesond a staark déi duerech Nazidäitschl. gezwongen, hiert Liewen ze afferen op de Maart ze droen, gezwongen duerech en Hitlerstaat de preiseche Kiddel unzedoen, si goufe schikanéiert, tyranniséiert, vergewalltegt an esou gezwongen alles wat hinnen déier, léif wor ze verloossen, si hu missen an de Krich fir eng Natioun déi Recht,Fridden an Fräiheet mat Féiss getreppelt an zerstéiert huet, trotz Kazett,Prisong,Déportatioun,Doudesstrof asw., sin iwwer 6o Schefflénger Jongen aus der Wiermacht ugedréckt, desertéiert ennergedaucht duerech d'Hëllef vu gudde Patrioten, Resistenzler,gudd Schefflénger Famillgen hun si opgeholl,verstoppt, geheegt gepfleegt a versuergt.Scheffléng wor eng Héischburg vun der Resistenz.Bei iwwer 4o Famillgen woren Deserteuren,Refraktären, politesch Flüchtlengen,Fransousen,Däitscher,Italiéiner,eng russesch Famill an ee Kanadesche Pilot verstoppt.Duerech d'Ennerstëtzong, d'mataarbecht an d'Hëllef vun inn_an auslännesche Resistenzler wor et der Madame Haas Jäng, dem Kayser Camille,dem Junker Roby an dem Jäng Haas aus der L.R.L. Scheffléng, gelongen,gegléckt ville gehetzten ,Gejoten,Verfollegten iwwer d'Grenz no Frankräich,Belgien ze schleissen an och villen eng Stpp zu Scheffléng an Emgeigend ze verschafen a si esou ënnerzebréngen. Och déi ëmgesiedelt Famillgen wou de Mann, Papp am Prisong, Kazett woren, si mat Geld,Liewensmettel asw. ënnerstëtzt gin, esou wéi déi russesch Deportéiert déi am Lager Esch-Lalléng woren kruten op all Manéier esou wäit wéi méiglech Hëllef an Ennerstetzong.Dass all des Aktiounen méiglech waren seitens der Schefflénger Resistenz, L.R.L. a gudde Patrioten

huet den Nazibonzen,de Gielen, de Brongen, der Gestapovill Kappzer-briechen an Ierger gemaach an esou e groussen Dar am A war, hu si versicht mat alle Mëttelen déi si zur Hand haten all dës Actiounen ze ënnerbannen.,an en Enn ze maachen. Trotz dem Asaatz vun Naziagenten, Polizei, Spitzel, Gestapo asw. ass ët den Nazischergen nëtt gelongen een Deserteur, e politesche Flüchtléng oder éng Famill wou Jongen verstoppt woren, ze erwëschen oder an d'Hänn ze kréien.

Et wor ausgangs 1943 wéi zu Scheffléng nach eng Widderstandsgrupp gegrennt gin ass, an déi sech Garde-blanche genannt huet.Dëse Grupp hat keng grouss Liewensdauer a gouf den 22.Januar 1944 vun der Gestapo verhafft a ganz opgeriwwen. Et woren an déi 15 Persounen, déi no kurzem Verhéier an der Vill Seligmann zu Esch-Uelzecht no Däitschland a versch. K.Z. oder Prisongen verschleeft gi sin.Véier vun desen Verschleeften hun d'Hemecht net méi er¨em gesin, hun hiirt Liewen am K.Z. oder Prisong duerech Mäerderhand verluer et woreb: den Datzotto Metty, Bertemes Jäng, Briestiel Léon a Boulanger Jules.Bei dem Verhéier an der Villa Seligmann ass de Numm L.R.L. an Haas Jäng Scheffléng gefall a genannt gin. Bei dëser Ennersuchung ass d'Gestapo villes gewuer gin wouvu si näischt wossten an bis dato keng Anong haten.

De Jäng Haas huet sech missen dem Zougrëff vun der Gestapo entzéien an ass bei der Famill Kartheiser-Weynand zu Scheffléng ënnergedaucht. d'Famillge Kartheiser wor Aktivmember vun der L.R.L. Scheffléng an hat weiderhin nach 2 Deserteuren während Wochen a Méint bei sech opgeholl a verstoppt. De Jäng Haas gouf vun der Gestapo gehetzt ,gejot,vervollegt, gesicht als Staatsfeind no. 1. anzwar wegen Beihilfe zur Fahnenflucht und Arbeiten mit dem Feind.,hien war also vogelfrei ....Nodeem hien hinnen entwëcht war hu si séng Fra an d'Verhéier an an d'Zaang geholl. Si wollten ënner allen Emstenn wëssen a gewuer gin, wat fir eng Roll hiere Mann an der L.R.L. an an der Resistenz géng spillen.Mat wat fir Mëttel,Methoden dës M¨enscheschëener Gebrauch gemaacht hun an virgaange sin,huet esou munnsche Resistenzler (in) Patriot (in) erlieft an erfuer.

d!Madame Haas huet all dës Schikanenasw. erlieft a matgemaach an um éegene Leif erfuer., dass d'Madame Haas a geseenten Emstänn wor (6te.Mount) huet des Mënscheschënner nëtt gestéiert an och nëtt gehënnert fir si ze schikanéieren,ze pisaken, ze huddelen,hir ze dreen mat ëmsidelong,KZ,Prisong asw. Si koum ënnert polizeilesch Opsiicht an huet sech missevun Zäit zu Zäit der Gestapo zo engem neien Verhéier stellen.Awer all dat war fir d'Kaz, d'Madame Haas huet nëtt geschwat huet(nëtt) kee Verrod gemaacht, ass nëtt zum Verréider vun Hemecht a Resistenz gin.Trotz polizeilescher Opsicht,weidere Verhéieren,trotz Verfollegong huetd'Famillgen Haas-Keisser weiderhin aktiv Resistenz gemaach, ass mat denKomeroden aus der Resistenz Cam.Kayser L.R.L. Scheffléng, Menster Pol Madame Brix Koob L.R.L. Esch/Uelzecht, Weynand Heng PIMEN Remléng,Breyer Pir LVL Medernach., asw. an Verbindong wéi Kontakt bliwwen, hun si weider matgehollef a bäigedroen dass nach munneche Jong, Deserteur,Krichsgefangenen en Ënnerdag eng Stopp oder no Frankräich geschleist konnte gin. Et ass ausgangs Mä 1944 an et geet op dat 5 Joer zou wou mir ënnert der Nazifuchtel stin a sin, iwwer 4 Joer laang gi mir gekniet,geknäscht,gepisakt,schikanéiert,gehetzt, gejot,verfollegt gedierengelt gin.Wou schon esou vill Scheffléngter Bierger ,Patrioten,Resistenzler(innen)hiirt Liewen an de K.Z.ter, Prisongen, Lager,Ëmsiedelong verbréngen an verluer hun,an Ëmmer nach Misär, Leed,Onheel,Tréinen,Doud a Muerd erliewt hun., woufir, firwat, fir wen?? fir en Nazidäitschland fir e Land dat vu Mäerder,Sadisten, vu Leit wéi Hitler,Goebbels,Goering,Simonasw, regéiert gefouert a gelee gëtt,fir Leit déi gréissenwahnsinneg sin,déi d'Mënscherechter mat Féiss stoussen an trëppelen, Leit déi kee Gott a Gebot kennen.Mat barbaresche Brutalitéit a Gewalt leeft Doudesmachinerie vun Nazidäitschland weider, a weider an nach Dausende , Millioune Mënschen grouss a kléng ,jonk an al,Mammen, Fraen, Meedercher ouni Ausnahm gi rücksichtlos vernicht niddergemetzelt,ausgerott,vergast,higeriicht fir "Führer Volk und Vate

<u>Mä 1944</u> e schwaarzen Dag, Mount fir d'Schefflénger L.R.L. Angscht,Fuerecht,Baangen,Hoffen an Waarden op Fräiheet Fridden an der ganzer Welt, esou och bei de Bierger an der Populatioun vu Scheffléng, un allen Ecken an Ënner, op Schratt an Tratt lauert Verod Verdiefnëss Verréider,Spitzel,Nazi,Gestapo agenten, déi Giel,déi Brong sin Dag an Nuecht am Asaz,sin op der Lauer,fuerchen an sp"etzen d'Oueren. SS.SA.NSKK.HJ schläichen a patrouléieren duerech d'Stroossen,Bösch an Gewan,lauschtere bei Fënster an Diren,ëmmer bereet de Veréider de Judas ze spillen.

Dass zu Scheffléng d'Resistenz séier grouss geschriwwe gouf an gëtt, dass déi Schefflénger d'Häerz op der richteger Plaz haten an och hun,well si hu sech nëtt ënner kréie gelooss, trotz Schikanen,Drock,Terror,Verhéier sief et duurch den Ortsgruppenleiter sénge Mattlefer,Unhänger,der Kreisleetong,der Polizei,der Gestapo Spitzel wéi Veréidder asw.. ass d'Resistenzzo Scheffléng nëttënnergang am géigendeel mat grousser verbassenheet,Mutt, Courage ,Energie gi weiderhin Stoppen an Ennerdag geschafen a nach munnecher Schefflénger wéi auswärtege Jong,Deserteur ass bei gudde Famillgen opgeholl gin, oder no Frankräich resp.Belgien weider iwwer d'Grenzgeschleist gin. Duerech Verrot a Judasloun geléngt et der Gestapo 15 Memberen aus der L.R.L.Scheffléng an d'Hënn ze kréien an ze verhaften.

No dem Verhéier an der Villa Seligmann zou Esch/Uelzecht an an der Villa Pauly zou Lëtzebuerg geet et via Hinzert, éngem Lëtzebuerger Veréider an énger Lëtzebuergescher Veréiderin déi mat der Polizei an Naziagenten zesumme geschafft hun, geléngt et sämtlech Verbindongen a Wëen vun No an bis déi an d'Frankräich en Ënn ze maachen.Duerech deese Verrot geroden och drei Schefflénger Deserteuren an d'Hänn vun der Gestapo, an hiiren Wee féiert no Däitschland an d'KZ. et sin de Rene Kaufman,Roger Cettiga an Aulner Robert.De Kaufman René gëtt zu Dietz/La vun der SS. erschoss, déi aner zwee kréie 15.Joer Zuchthaus.Den Albert Ungeheuer e ganz grousse Resistenzler e Jong vun Déiferdang gëtt och verhaft a spéider zu Natzweiler erschoss.

Nach zwee Resistenzler , de Momper W an de Gaspard R. vu Réisséng
(2Passeuren) déi mat dem Cam. Kayser a mir geschafft hun gi gestalt
a landen am KZ. Op dem Réckwee aus Frankräich gëtt de Cam.Kayser,Brücher
Jäng vun der Grenzpolizei gestalt an no kuerzem Verhéier zu Esch/Uelzecht
op Hinzert transportéiert,.Lues a lues gin eis Reien ëmmer méi kleng
weider Komeroden den Breyer Pir, Deiskes R,Grüneisen René,Musquar Jules,
Clesener Hubert,Madame Brix-Koob landen am Prisong oder KZ. De Komrod
Menster Pol,Hoor Mich,Reuter Nic asw., mussen ënnerdauchen fir den
Nazischergen ze entgoen. De Bunker Eisekaul (Galerie) Rëmléng dee vu
Patrioten a Resistenzler aus der L.R.L. a PIMEN opgeriicht gi wor, wou
25 Jongen verstoppt woren dorenner véier(4) Schefflénger, den Doffing M,
Grnimus M,Schmit Neckel an Haas Jäng verstoppt woren, de Bunker hu misse
verloossen a sech em en neien Ennerdag hu misse beméihen., wat machen?
wouhin? bei wen? d'Grenzen no Frankräich woren zou,d'Plazen ware rar
wéi déi wäiss Mais.,d'Leit haten Angscht an hu gefaart,.
déi Haaptleit aus der Resistenz,sief et aus der L.V.L.,PIMEN,L.R.L.
asw. worem ënnergedaucht oder sutzen an de Prisongen, KZ asw.ermuert,
erschoss durch Mäerderhand.Nach munnecher Jong den aus der verhaasster
Wiirmacht desertéiert ass, huet en Ennerdag éng Stopp gebraucht a gesic
awer wouhin, bei wien, eng schwéier batter Zäit,d'Resistenz wor
zesummegebrach, kee Kapp kee Schwanz, trotz allem sin nach zech Jongen
zou Scheffléng opgeholl gin, sief et bei engem Monni,enger Tata,engem
Brudder, enger Schwëster,bei engem gudde Noper oder Fr¨enn, oder bei
den eegenen Elteren (bei Papp a Mamm). d'Schefflénger Bierger hu mat
hirem Paschtouer dem Här Laux F.Dag fir Dag an der Kirech(Veräinshaus)
gebiet fir Erléisong,Fräiheet a Fridden, an dach sollt et nach Deeg,Wo
a Méint daueren,bis mir Schefflénger an eis Hemecht sollte vun dem Hi
Däitschland erléist gin.Dag fir Dag, Nuecht fir Nuecht hun mir déi
amerikanesch Fliger,d'Royal Air-Force héieren iwwert eis Hemecht
fleien,an hun déi däitsch Stied mat Bomme beluegt (Vergeltongsschléi)
No engem Réckflug vun esou enger Missioun ass e kanadesche Pilot mat
dem Fallschierm moutgelant,gouf vu gudde Patrioten an Secherheet bru

Hien ass spéiderhin vun dem Komerod Menster Pol bei der Familligen
Arenddorf Pierre zu Schefflëng ofgesaat gin,wou hie bis zur
Liberatioun a gudden,treien Hänn wor. NB: d'Photo an d'Adresse
vun dësem Pilot aus nach haut am Besetz vum Autor!

Wéi de 6.ten Juni d'Amerikaner an der Normandie geland woren
a feste Fouss haten, déi russech Dampwalz d'Hitlertruppen déi däitsch
Krigsmachinerie iwwerant huet Dausende vun däitschen Zaldoten hiirt
Liewen hu musse loossen. Dausende a Gefaangeschaft gerode sin,
dor"enner och vill lëtzebuerger Jongen (TAMBOW).Do hu mir neie Mutt an
Hoffnong kritt!Bei der Invasioun de 6.Juni an der Normandie hu 5
Schefflënger Jongen déi gezwongen an der verhaasster Wiirmacht woren,
d'Flént ewech gehäit!de Preisen de Réck gekéiert an zu den Allieierten
iwwergelaf,hu sech fräiwëlleg gemellt fir mat hinne géint d'Preisen
ze kämpfen.,bei der Garde PIRON gouwen déi fënnef opgeholl et woren:
den Ettinger Jäng,Haas Marcel, Greis J, Fantini J a Waringo Charel.
Duurech d'Oflauschteren vun dem geheime Schwaarzsender BBC London si
mir gewuer gin wéi et un de Fronten wier., dass déi däitsch Truppen
iwwerallum Réckmarsch wieren,hu mir erëm Mutt an Hoffnong kritt,
an datt eppes um komme wier dat hu mir Schefflënger gespuert,gefillt
gesin! Och bei de Schefflënger Naziën esou beim Ortsgruppenleiter hu
e gesin a gemierkt dass eppes um komme wär. De Tautsprecher deen all
Dag gebläert huet"Deutschland über alles,wir fahren gegen England "
deen all Dag vun den Heldentaten vun dem däitschen Truppen bis an
den Himmel gehuewen huet ass méi rouheg gin ëmmer méi spärlech méi
sin hier Noriichten gin an hun op eemol ganz opgehéiert. Wat war
geschitt?, wat war lass ? Déi däitsch Mami-Muttien déi hun d'Käpp
hänke gelooss,hire Stolz war dohin, verschiidden aus der Partei hu
der Fra a Kand Schefflëng verlooss, den Ortsgruppenleiter, d.SA
d'Partei Männer hun d'Käpp zesumme gestach an diskutéiert,si wous
dass hier Deeg gezielt an hier Herrlechkeet geschwënn eriwwer wie
zwé däitsch Zaldoten,déi sech am Frankräich vun hirer Eenheet ofg
haten an duurch Schefflëng komm sin,hu gesot,"der Ami ist in zwe
hier, alles Scheisse, der Krieg verloren,alles umsonst!"

Dat wor eng Norîcht op déi mir esou laang gehofft a gewuart hun!
Dëss Norîicht ass wéi e Laffeier duerech Schefflèng gaangen an och secher zu Oueren vun den Nazie komm an iwwer Dag a Nuecht woren mir hinne lass,si woren um Wee Heim ins Reich,zu Führer, Volk und Vaterland.Och déi siigräich Wiirmacht déi mat Glanz a Gloria d'ganz Welt an Aesche wollê stiechen huet eng Schlapp eng Nidderlag no där aneren kritt a sin ap alle Fronten zeréckgeschloe gin a lues a lues aus dem leschte Lach gepaff. Den 1o.September kreie mir Schefflénger duurech d'Amerikaner eis Fräiheet erëm a gin vum Nazijoch erléist. Mir Schefflénger woren bestëmmt zefridde wéi mir "erem fräi an erléisst woren,mä eis Freed wor nëtt vollkommen, de Grond heizou nach zech Famillgen sief et de Papp,de Monni, d'Fra , de Mann, de Brudd d'Schwester, de Noper,Frëen woren nach an den Hänn vun den Naziochergen Verbriecher a Märder. Déi onglécklech Mënschen woren wäit vun der Hémecht verspreet a frieme Länner sief et am KZ, an der Ëmsidelong an engem Lager asw., an der verhaassten Wiirmacht nët ze vergiessen wor nach vill Schefflénger Jongen déi dohin gezwonge woren an un allen Fronten hun musse matmaachen, wou esou munnecher en vun hinnen säi jongt Liewen huet misse loessen,villen hire Wee a russesch Gefaange-schaft gefouert huet. Mat Häerz an a Gedanken hu mir u si geduecht, hu fir si gebiet, gebiet fir hir Fräiheet, gebiet dass si d'Hemecht anhirt léift Schefflèng sollte geschwenn erëm gesin.